



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alf Christian, 10:47, 23/02/2021

Lëtzebuerg, den 23/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Fir d'Verdeelung vun den Impfstoffer géint de Covid-19 ze koordinéieren, huet d'Regierung eng Impfstrategie opgestallt, déi virgesäit, dass verschidde Persounegruppe prioritär geimpft ginn, während anerer eréischt méi spéit dru komme sollen.

Elo sinn awer ëmmer méi oft Fäll bekannt ginn, wou Leit scho vun enger Impfung profitéiere konnten, obwuel si der Impfstrategie no nach net un der Rei gewiescht wäeren.

An deem Zesammenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Gehéieren d'Impfstoffer géint de Covid-19, déi Lëtzebuerg geliwwert kritt, dem Lëtzebuenger Staat?
Entsprécht et engem Vol vu Staatsbesëtzer, wann eng Persoun sech impfe léisst, obwuel se net um Tour ass?
2. Wéi kontrolléiert de Staat, dass keng Leit geimpft ginn, déi an de momentan lafende Phase vun der Impfstrategie net virgesi sinn?
3. Wéi vill Persoune sinn der Regierung bekannt, déi en Impfstoff kruten, obwuel si zum Zäitpunkt vun der Impfung d'Krittären net erfëllt hunn, fir prioritär geimpft ze ginn? Erginn sech fir dës Persoune Konsequenzen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député





Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg



Luxembourg, le 30 mars 2021

Réf. : 837x87aed

Concerne: Question parlementaire n° 3696 du 23 février 2021 de Monsieur le Député Sven Clement et de Monsieur le Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 3696 du 23 février 2021 de Monsieur le Député Sven Clement et de Monsieur le Député Marc Goergen concernant la "Stratégie de vaccination".

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Laurent JOMÉ
Premier Conseiller de Gouvernement



Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 3696 du 23 février 2021 de Monsieur le Député Sven Clement et de Monsieur le Député Marc Goergen concernant la "Stratégie de vaccination".

1. Gehéieren d'Impfstoffer géint de Covid-19, déi Lëtzebuerg geliwwert kritt, dem Lëtzebuurger Staat? Entsprécht et engem Vol vu Staatsbesëtzt, wann eng Persoun sech impfe léisst, obwuel se net um Tour ass?

D'Vaccin'ën ginn vun der Direction Santé kaaft a gehéieren dem Staat – eventuell Verstéiss géint Gesetzer mussen vun der Geriichtsinstanzen évaluéiert ginn.

2. Wéi kontrolléiert de Staat, dass keng Leit geimpft ginn, déi an de momentan lafende Phase vun der Impfstrategie net virgesi sinn?

D'Leit mussen am Impfzentrum mat der Bestätegung vun hirem Rendez-vous an hirer Carte d'identité virstelleg ginn. Soumat gëtt séchergestellt, dass et sech ëm déi Persoun handelt, déi op Basis vun den Critèren vun der jeeweileger Impfphas invitéiert ginn ass.

3. Wéi vill Persoune sinn der Regierung bekannt, déi en Impfstoff kruten, obwuel si zum Zäitpunkt vun der Impfung d'Krittären net erfëllt hunn, fir prioritär geimpft ze ginn? Erginn sech fir dës Persoune Konsequenzen?

Der Regierung sinn 23 Leit aus dem Spidolssecteur an 1 Persoun aus dem Fleegesector bekannt, déi en Impfstoff kruten, obwuel si zum Zäitpunkt vun der Impfung d'Krittären net erfëllt hunn an.

Konsequenzen vun deenen Vaccinatioun sinn vun den Spideeler selwer geholl ginn en fonctioun vun der Gravitéit vun den Fäll déi festgestallt konnten ginn an kënnen vun internen Sanktiounen goen bis zu Plainten beim Parquet.

Doriwwer eraus, sou wéi an der Äntwert op d'Fro 3443 detailléiert, huet eng Rei Leit Invitatioune kritt, déi näischt mat dem éischten Impfgrupp ze dinn hunn. Dëst ass net op eng Ännerung vun der Ausriichtung vun der Impfstrategie zréckzeféieren, mee op en technesche Feeler, dee bei der Sélectioun ënnerlaf ass.